SYNECO

# Schoulbuet

## 2024 - 2025




GEMENG BECH

GEMENG manternach

# Sommaire


Virwuert 01 – 09
Ah…! Gutt ze wëssen! 10 – 37
De Bus ass do! 38 – 43
Cheese! 44 – 67
D'Pinnwand 68 – 80


Mega!

!!

2024 – 2025

Cool!



LU

# Virwuert

Wann Dir Froen, Kriticken oder Suggestiounen hutt, kënnt Dir Iech bei mir mellen:
jean-pierre.hoffmann@manternach.lu

Léif Schoulkanner,
léif Eltere vun de Kanner,
léift Personal aus der Schoul an der Maison Relais,
léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Synecosport,
léif Biergerinnen a Bierger aus de Gemenge Manternach a Bech,

**Erëm ass e flott an interessant Schouljoer fir d'Kanner aus den zwou Gemengen op en Enn gaangen. D'Preparative fir d'Rentrée lafen op Héichtouren an d'Kanner kënne sech op e spannend Schouljoer freeën.**

**Ech sinn houfreg, dass mir an de leschte Jore vill an d'Zukunft vun de Kanner konnten investéieren.** De Schoulsite huet sech nohalteg zum bessere verännert a mir wäerten och an den nächste Jore weider dru schaffen, fir de Besoine vun de jonke Schülerinnen a Schüler gerecht ze ginn. Sou hu mir am leschte Summer **nei Bänken a Still fir all d'Klassesäll aus de Cyclen 3–4 kaf. An dësem Gebai ass och weiderhin an d'Mobilier an de Gäng investéiert ginn,** fir de Kanner och hei flott Openthaltsméiglechkeeten ze bidden. Fir dëse Summer sinn dann déi **interaktiv Tafele** bestallt, fir den Enseignement nach méi modern kënnen ze gestalten. Am Beräich vun der Informatik an dem technesche Fortschrëtt wëlle mir och an de nächste Joren ee landeswäite Virreider sinn an halen de Budget an dem Beräich och héich. **E grousse Merci un de Christian Weis, deen hei ëmmer rëm mat neien, innovativen Iddie kënnt, fir de Schüler d'Schoulstonne méi interessant ze bereeden.**

**E Projet, deen dem fréiere Bureau a mir besonnesch um Häerze louch, war dee vum Schoulgaart. An dofir sinn ech frou, dass mir dësen am September endlech kënnen zesumme mat de Kanner aweien.** Ech sinn iwwerzeegt, dass si an de nächste Jore vill Freed hei wäerten hunn, a gläichzäiteg och nach eppes léieren. **An dem Kontext wëll ech dem Aarbechtsgrupp ënnert der Leedung vum Elena Grunow an Anne Haas villmools Merci soe fir d'Initiativen an déi konstruktiv Zesummenaarbecht.**



Jempi HOFFMANN
President Synecosport
Buergermeeschter Gemeng Manternach

**Weiderhin ass och nach um Projet fir den Ausbau vun der Maison Relais geschafft ginn.** Hei leit scho säit engem Joer e fäerdege Plang um Dësch. Niewent dësem ass, an enker Zesummenaarbecht mam Personal vun der Schoul an der Maison Relais, un engem **Ersatzgebai fir d'Zäit vun der Bauphase** geplangt ginn. Rauskomm ass e **modulart Gebai, wat wärend der Bauphase vun der Maison Relais an der Crèche, als Ersatz fir dës Gebaier ka genotzt ginn**, an duerno, wann d'Schoulgebai vum C3–C4 sécherheetstechnesch konform gesat a moderniséiert gëtt, och eng Auswäichméiglechkeet bitt fir en optimalen Oflaf vum Schouldag kënnen ze garantéieren. **Spéiderhi kann dat modulart Gebai dann als zousätzlech Kapazitéit fir d'Schoul genotzt ginn. Et ass hei also e ganzheetlecht an nohaltegt Konzept mat alle concernéierten Acteuren ausgeschafft ginn**, an ech hoffen am Sënn vun zukünftege Generatioune vu Kanner, déi op de Site wäerte kommen, dass mir dës Projete séier am Comité gestëmmt kréien an entaméiere kënnen.

**E grousse Merci riichten ech un de Gilles Irthum an seng ganz Equipe vum Léierpersonal fir hir déi gutt Zesummenaarbecht dat ganz Joer iwwer.** Dem Gilles Merci fir seng Disponibilitéit an den enormen Asaz ronderëm d'Schoul. **E grousse Merci och un d'Personal vun der Maison Relais an der Crèche mat hirer Equipe dirigeante un der Spëtzt.** A ville Reunioune mat béiden Acteure versiche mir d'Liewen um Schoulsite fir d'Kanner dagdeeglech ze verbesseren. An dem Kontext huet sech och elo **een Aarbechtsgrupp gegrënnt, deen um Plan d'Encadrement périscolaire (PEP)** schafft, fir e.a. d'Zesummenaarbecht tëschent de verschiddenen Acteuren (Schoul, Maison Relais, Veräiner, Musekschoul, Lasep etc.) ze verbesseren an esou d'Liewen um Schoulcampus nach besser ze coordonéieren a méi attraktiv ze maachen.

**Ech soen der Direktioun 10 mam Direkter Joa Baum Merci fir déi gutt Zesummenaarbecht. E grousse Merci och den Elterevertrieder an der ELVERE,** mat deene mir versichen e permanenten a gudden Austausch ze hunn. Si setzen sech immens fir d'Interessien a Besoine vun de Kanner um Schoulsite an a sinn dofir och e wichtege Vertrieder vun de Schüler an den Elteren.

**Ech wëll och dem Martine, dem Pit, dem Steve an dem Jérôme Merci soen.** Si sinn a ganz wichtege Bestanddeel vun dem grousse Ganzen a leeschten eng wichteg Aarbecht am Alldag.

Ech wënschen Iech vill Spaass beim Liesen an Duerchkucke vum Schoulbuet. De Schülerinnen a Schüler zesumme mat hiren Enseignantë wënschen ech e schéint an erfollegräicht Schouljoer 2024–2025

Si vous avez des questions, des critiques ou des suggestions, n'hésitez pas à me contacter :
jean-pierre.hoffmann@manternach.lu

Chers Élèves,
chers Parents d'élèves,
chers Membres du personnel de l'école et de la Maison Relais,
chers Collègues du Synecosport,
chères Concitoyennes et chers Concitoyens des communes de Manternach et Bech,

**Nous voici une fois de plus arrivés au terme d'une belle et intéressante année scolaire pour les enfants de nos deux communes. Les préparatifs de la rentrée sont déjà en cours, ce qui laisse augurer d'une excellente année scolaire pour les enfants.**

**Je suis heureux que nous ayons pu investir autant dans l'avenir de nos enfants au cours de ces dernières années.** Le site de l'école a été transformé afin d'être plus durable, et nous comptons bien continuer à investir dans les prochaines années afin de satisfaire au mieux aux besoins de nos jeunes écolières et écoliers. Ainsi, l'été dernier, nous avons acquis de **nouveaux bancs et de nouvelles chaises pour toutes les salles de classe des cycles 3 et 4. Le bâtiment a également bénéficié d'investissements dans les communs, où un nouveau mobilier a été installé** afin d'offrir aux enfants des zones de repos confortables. Nous avons commandé des **tableaux interactifs** pour cet été, afin de permettre aux enseignants de disposer d'un matériel moderne. Nous souhaitons encore faire œuvre de pionniers au niveau national dans les domaines de l'informatique et du progrès technologique. Les budgets nécessaires ont été calculés en conséquence. **J'en profite pour remercier Christian Weis, qui ne manque jamais de nous proposer des nouveautés qui assureront aux élèves des heures de cours plus intéressantes.**

**Un projet qui me tenait tout particulièrement à cœur, ainsi qu'au bureau sortant, c'est le projet de jardin scolaire. Je me réjouis de pouvoir enfin l'inaugurer en septembre prochain, en compagnie des enfants.** Je suis convaincu qu'il leur apportera beaucoup de joie dans les prochaines années et qu'ils pourront également y apprendre plein de choses. **Je tiens à remercier le groupe de travail emmené par Elena Grunow et Anne Haas. Merci pour leur initiative et leur excellente collaboration.**

**Entre-temps, nous avons continué à travailler au projet d'extension de la Maison Relais.** Cela fait maintenant un an que les plans définitifs ont été mis sur la table. Nous avons aussi travaillé à la conception d'un **bâtiment provisoire pour la durée des travaux.** Cela s'est fait en étroite collaboration avec le personnel de l'école et de la Maison Relais. Il s'agit d'un **bâtiment modulaire qui remplacera le bâtiment actuel pendant les travaux de construction de la Maison Relais et de la crèche.** Par la suite, une fois que le bâtiment scolaire des C3 et C4 aura été mis en conformité en termes de sécurité notamment et modernisé, il pourra être utilisé en complément du bâti existant afin de garantir un déroulement optimal de la journée de cours. **Ce bâtiment modulaire offrira ainsi une capacité d'accueil supplémentaire à l'école. Vous constaterez donc qu'il s'agit ici d'un projet global et durable qui a fait l'objet d'une concertation entre tous les acteurs concernés.** J'espère, pour le bien des futures générations d'enfants qui occuperont le site, que le comité validera ce projet rapidement et que nous pourrons bientôt entamer les travaux d'aménagement.

**Je remercie encore Gilles Irthum et son équipe pédagogique pour leur excellente collaboration au cours de l'année.** Merci à Gilles pour sa disponibilité et l'engagement dont il fait montre pour l'école. **Un grand merci également au personnel de la Maison Relais et de la crèche, ainsi qu'à l'équipe dirigeante de la Maison Relais.** De nombreuses réunions ont eu lieu avec ces deux acteurs afin d'améliorer constamment l'expérience des enfants sur le site scolaire. **Un groupe de travail a d'ailleurs été mis en place ; il planche sur le Plan d'Encadrement périscolaire (PEP)** et vise à optimiser, entre autres choses, la collaboration entre les différents acteurs (l'école, la Maison Relais, les associations, l'école de musique, la L.A.S.E.P. etc.) afin de mieux coordonner la vie sur le campus scolaire et de la rendre plus attrayante encore.

**Mes remerciements s'adressent encore à la Direction 10 et à son directeur, Joa Baum. Merci aussi aux représentants des parents et à l'ELVERE**, avec qui nous avons des échanges réguliers et constructifs. Ils suivent de près les intérêts et les besoins des enfants sur le site scolaire et constituent de ce fait les représentants idéaux des élèves et des parents.

**Je souhaite également remercier Martine, Pit, Steve et Jérôme**, qui jouent un rôle considérable dans le bon fonctionnement de l'ensemble et qui réalisent un travail indispensable au quotidien.

Je vous souhaite beaucoup de plaisir à la lecture de ce bulletin scolaire et je souhaite aux écolières et aux écoliers ainsi qu'au personnel enseignant une excellente année scolaire 2024-2025.





Léif Elteren,
léif Leit,
léif Kanner,

**Réckbléckend kënne mir op en ofwiesslungsräicht, spannend an erfollegräicht Schouljoer 2023–2024 zréckkucken, wärend deem mir als Schoulcommunautéit vill schéi Momenter konnten erliewen.** Op deene sëlleche Säite vun de verschiddene Cyclen, kritt dir wéi gewinnt ee flotten Abléck iwwert eis Schaffen an duerch den Ubléck vun de Kanneraen och vun der Freed a Motivatioun déi am deegleche Schoulhalen op eisem schéine Schoulcampus an natierlech bei alle Sortien ze spieren ass.

**Fir d'Rentrée am September wäerten éischtmoleg méi wéi 350 Kanner eis Schoul besichen**, mir hunn an eiser Schoulorganisatioun dann och nees eng 5. Klass am Cycle 1 opgemaach, des weidere plange mir mëttelfristeg mat Joergäng vun däitlech iwwer 40 Kanner. Duerch déi wäitsiichteg Politik vun eisem Schoulsyndikat, kënne mir elo vun adäquate Schoulinfrastrukturen an alle Beräicher profitéieren an eis Kanner beschtméiglech pedagogesch encadréieren. Wann d'Entwécklung vun de Kannerzuelen esou weidergeet a mir all Klass am Grad vun all Cycle dräimol solle garantéieren, ginn eis Infrastrukture mëttelfristeg net méi duer an duerfir huet **de Synecosport e Projet entaméiert, fir ënner anerem d'Schoul ze vergréisseren**, deen an eisen Aen absolut noutwendeg a sënnvoll ass. **Fir dat kommend Schouljoer krute mir en Accueil Poste vum Ministère accordéiert**, och am ländleche Raum ass dat mëttlerweil absolut noutwendeg, **des weidere stéisst eis IEBS Léierin och sou lues un hir Limite, well d'Zuel vun de Kanner mat spezifesche Besoine kloer zouhëlt**. An deem Beräich misst méi no der Kannerzuel gekuckt ginn an


Gilles IRTHUM
President vum Schoulkomitee

no der Gréisst vun der Schoul an et sollt een d'Moyene fir d'Betreiung vun deene Kanner erhéijen. Wéi all Joer ware mir beim Opstelle vun der Schoulorganisatioun ageschränkt duerch eis Contingentsstonnen an duerfir **appelléieren ech nees hei op der Plaz un déi national Politik de System ze iwwerdenken an de lokale Gegebenheeten a Besoine méi Rechnung ze droen.** Mir hu mat alle Schoulpartner (Maison Relais, Schoulsyndikat, Elterevertriedungen) eng Schoulorganisatioun ausgeschafft bei der **de Bien-être vum Kand op der éischter Plaz** steet a sinn duerno eréischt op d'Doleancë vun den eenzelne Partner agaangen.

**Mir hunn an de vergaangene Méint, zesumme mat alle Partner, e neie Schoulentwécklungsplang (PDS) ausgeschafft,** nodeems mir de Bilan vum PDS 2021–2024 an en detailléierten Etat des Lieux vun eiser Schoul opgestallt hunn. Ënnert dem Titel „Die Schulgemeinschaft fördert den professionellen Austausch und die Zusammenarbeit aller Schulpartner“, hu mir am Mee véier Ennerziler zréckbehalen :

1. Obwuel mir am TIC- Beräich scho ganz vill erreecht hunn a sämtlech Projete wäerte weiderféieren, wëlle mir elo an de kommende Joren e **Mediekonzept opstellen, dodra wäerte mir genee d'Inhalter definéieren déi an engem Cycle solle behandelt ginn. Des weidere wëlle mir eis Material nach besser, méi dacks a méi geziilt asetzen,** eng Rei Aktivitéite pro Schouljoer duerchféiere fir d'Kanner ëmmer nees op d'Risiken vun dem Internet opmierksam ze maachen a mir hu schoulintern Formatioune geplangt. Ech wëll hei virun allem dem Kolleeg Christian Weis Merci soen, deen eis Schoul an dësem Beräich exemplaresch weiderbréngt.

**2. Mir wëllen eise PEP (Kooperatiounsplang mat der Maison Relais) komplett iwwerschaffen a nei ausriichten.** Niewent dem Weiderféieren a Festhale vu gemeinsame Reegelen, Projeten an Echangen, wëlle mir och méi wäit kucken an d'Zesummenaarbecht mat allen internen an externen Acteuren (Lasep, Art à l'école, Musekschoul, Veräiner...) ënnerstëtzen. D'Zil vum neie PEP ass ganz kloer, de Bien-être vun eise Kanner um Campus „Renert“ weider ze verbesseren, d'Acteure méi mateneen ze vernetzen an de Familien an alle Beräicher entgéint ze kommen.

**3. Mir kënnen elo am Hierscht eise Schoulgaart offiziell aweien,** mir hunn niewent enger Rei Aktivitéiten a Formatiounen och hei geplangt extern Acteure mëttelfristeg an de Projet Schoulgaart mat anzebannen. Eis Infrastrukturen am Gaart sinn esou ausgeluecht, dass mir wëllen a kënne fächer- an zyklusiwwergräifend do schaffen. Hei wëll ech e spezielle Merci ausdrécken un eisen Aarbechtsgrupp ënnert der Leedung vun den engagéierte Kolleeginnen dem Elena Grunow an dem Anne Haas. Des weidere gëtt de Projet FUDO (Fuerschen dobaussen) déi nächst dräi Joer weidergefouert an ausgebaut.

**4. De véierte Punkt vum PDS viséiert de konstruktive pedagogeschen Austausch souwuel schoulintern wéi och mat alle Schoulpartner.** Mir wëlle pedagogesch eis Schoul weiderentwéckelen, dee gréissten Defi bleift hei, dass mir eis opstelle mussen engersäits de familiäre Charakter vun eiser Schoul bäizebehalen an anerersäits eis an de kommende Jore mat Effektive vu bis zu 50 Kanner pro Joergank eens ze ginn. Mir hunn och hei eng Rei Formatiounen, Hospitatiounen an Echangen virgesinn.

E Grupp aus **dem Cycle 4.2 huet nees bei der „First Lego League“ matgemaach**, engem Programmatiounsconcours mat Roboteren, a si **hunn an den diverse Kategorien eng éischt, drëtt a siwent Plaz kënnen erreechen. Duerfir e grousst Kompliment un eis jonk Informatiker an awer och un eis top Mathematiker aus dem Cycle 4, insgesamt dräi Klassen aus eiser Schoul hunn et an déi national Final vum Mathematikconcours „Maach mat(h)“ gepackt.**

Mir sinn nees wärend dem ganze Schouljoer **intensiv mat an d'Decisioune vum Synecosport agebonne ginn, déi Responsabel haten ëmmer en oppent Ouer fir all eis Doleancen.** Ech wëll hinnen duerfir hei Merci soen, **e besonnesche Merci geet un de President, de Jempi Hoffmann fir seng vill a gutt Aarbecht am Sënn vun eiser Schoul an eise Kanner. Dem Jempi Hoffmann ass keng Stonn ze fréi oder ze spéit fir sech mat eise Problemer ze befaassen, an hien ass eisem Schoulkommitee eng grouss Hëllef bei der Gerance vun der Schoul. Ech wëll awer och all d'Membere vum Bureau a vum Comité vum Synecosport fir hiren Asaz luewe souwuel beim Budget, beim PDS, bei der Schoulorganisatioun an allen anere Projeten, si ënnerstëtzen eis mat vill Wäitsiicht a Versteesdemech fir eis Kanner. Merci dem Martine, dem Pit, dem Steve, dem Jérôme an dem Paul,** si sinn ëmmer fir eis do a mir kënnen eis honnertprozenteg op d'Personal vum Synecosport verloossen.

**E weidere Merci geet un d'Ekipp dirigeante vun der Maison Relais an un dat ganzt Personal vun eiser Betreiungsstruktur,** mir hunn an de vergaangene Méint ganz intensiv mateneen kooperéiert. **Merci och eisen Elterevertrieder** fir hir vill a gutt Mataarbecht beim PDS a bei alle Projeten **an der Elvere**, fir d'Realisatioun vun diverse Projeten an Aktivitéite mat de Kanner.

**E leschte Merci wëll ech am Numm vum ganze Léierpersonal un d'Ekipp vun eiser Schouldirektioun riichten,** si hunn och nees wärend dem gesamte Schouljoer eng ganz professionell Aarbecht am Sënn vun eiser Schoul geleescht.

**Ofschléissend wëll ech iech léif Elteren drop hiweisen, dass dir iech wgl. bei Froen oder Ureegungen fir d'éischt un d'Ekipp pédagogique vun ärem Kand sollt wenden,** dann un d'Koordinatioun vum Cycle oder un de Schoulkommitee mat sengem President. Mir hunn ëmmer en oppent Ouer fir är Uleies, si forméiert fir professionell Elterenaarbecht a stinn iech gären an ëmmer fir all är Froen zur Verfügung.

An deem Sënn wënschen ech iech an äre Léifste vill Freed a Succès fir d'Schouljoer 2024-2025.











Chers parents,
chers concitoyens,
chers enfants,

***Nous avons vécu une année scolaire variée, passionnante et réussie, au cours de laquelle nous avons vécu de nombreux moments forts en tant que communauté scolaire.*** *Les nombreuses pages qui suivent vous donneront un merveilleux aperçu de notre travail et, en voyant les yeux brillants des enfants, vous ressentirez la joie et la motivation qui règnent au quotidien sur notre joli campus scolaire et lors de toutes les excursions.*

***Pour la première fois plus de 350 élèves fréquenteront notre école lors de la rentrée au mois de septembre.*** *Dans notre organisation scolaire nous avons ouvert une 5e classe au cycle 1, et à moyen terme nous prévoyons des classes avec un effectif de bien plus de 40. Grâce à la politique clairvoyante de notre syndicat scolaire, nous pouvons désormais profiter d'infrastructures scolaires adéquates dans tous les domaines et encadrer nos élèves de la meilleure manière possible sur le plan pédagogique. C'est pourquoi* ***le Synecosport a élaboré un projet visant entre autres à agrandir l'école.*** *Ce projet est à nos yeux absolument judicieux et nécessaire.* ***Le ministère nous a accordé un poste d'accueil pour la prochaine année scolaire****, ce qui est devenu absolument nécessaire, même dans les zones rurales. En outre,* ***notre enseignante IEBS commence à atteindre ses limites, car le nombre d'enfants ayant des besoins spécifiques ne cesse d'augmenter****. Dans ce domaine, il faudrait tenir compte du nombre d'élèves et de la taille de l'école et augmenter la moyenne pour la prise en charge de ces enfants. Comme chaque année, nous sommes limités dans la mise en place de notre organisation scolaire par nos heures de contigent, c'est pourquoi* ***nous en appelons de nouveau à la politique nationale pour qu'elle repense le système et tienne compte des conditions et des besoins locaux****. Nous avons élaboré avec tous les partenaires de l'école (Maison Relais, syndicat scolaire, représentants des parents d'élèves) une organisation scolaire qui place* ***le bien-être de l'enfant au premier plan****, avant de nous pencher sur les doléances des différents partenaires.*

***Ces derniers mois, nous avons élaboré un nouveau plan de développement scolaire (PDS) en collaboration avec tous les partenaires****, après avoir dressé le bilan du PDS 2021–2024 et établi un état des lieux détaillé de notre école. Sous le titre « La communauté scolaire encourage l'échange professionnel et la collaboration entre tous les partenaires scolaires », nous avons retenu quatre sous-objectifs au mois de mai:*

***1.*** *Bien que nous ayons déjà beaucoup réalisé dans le domaine TIC et que tous les projets se poursuivent,* ***nous voulons élaborer dans les années à venir un concept médiatique dans lequel les contenus qui doivent être traités dans un cycle seront définis avec précision.*** *En outre, nous voulons utiliser notre matériel encore mieux, plus souvent et de manière plus ciblée, organiser une série d'activités par année scolaire et attirer sans cesse l'attention des enfants sur les risques liés à Internet, et nous avons prévu des formations internes à l'école. Je tiens à remercier ici tout particulièrement notre collègue Christian Weis qui fait avancer notre école de manière exemplaire dans ce domaine.*

***2. Nous voulons revoir complètement notre PEP (plan de coopération avec la Maison Relais) et le réorienter.*** *Outre la poursuite et l'établissement de règles communes, de projets et d'échanges, nous voulons aller encore plus loin et soutenir la collaboration avec tous les acteurs internes et externes (Lasep, Art à l'école, école de musique, associations locales, ...). L'objectif du nouveau PEP est clairement d'améliorer encore le bien-être de nos enfants sur le campus « Renert », de continuer à relier les acteurs entre eux et de répondre aux besoins des familles dans tous les domaines.*

***3. En automne, nous pourrons inaugurer officiellement notre jardin scolaire.*** *Outre une série d'activités et de formations, nous avons prévu d'impliquer à moyen terme des acteurs externes dans le projet. Nos infrastructures dans le jardin sont conçues de manière à ce que nous puissions et voulions travailler de manière interdisciplinaire et inter-cyclique. Je tiens ici à remercier tout particulièrement notre groupe de travail, dirigé par nos collègues engagées Elena Grunow et Anne Haas. En plus, le projet FUDO (recherche en plein air) sera poursuivi et développé au cours des trois prochaines années.*



***4. Le quatrième point du PDS vise l'échange pédagogique constructif tant au sein de l'école qu'avec tous les partenaires scolaires.*** *Nous voulons continuer à développer notre école sur le plan pédagogique, mais le plus grand défi reste que nous devons d'une part conserver le caractère familial de notre école et d'autre part faire face à des effectifs pouvant aller jusqu'à 50 enfants par année dans les années à venir. Là encore, nous avons prévu une série de formations continues, de stages d'observation et d'échanges.*

*Un groupe du* ***cycle 4.2 a participé à la « First Lego League »****, un cours de programmation avec des robots,* ***et a obtenu une première, une troisième et une septième place dans diverses catégories.*** *C'est pourquoi je tiens à* ***féliciter nos jeunes informaticiens, mais aussi nos mathématiciens de haut niveau du cycle 4****. Au total, trois classes de notre école* ***ont atteint la finale nationale du concours en mathématiques « Maach mat(h) »****.*

*Une fois de plus, nous avons été intensément impliqués dans l****es décisions du Synecosport tout au long de l'année scolaire, les responsables ont toujours été à l'écoute de nos doléances****. C'est pourquoi j'aimerais leur dire ici merci,* ***un merci tout particulier à notre président, Monsieur Jempi Hoffmann, pour son travail formidable dans l'intérêt de notre école et de nos enfants. Pour Jempi Hoffmann, il n'y a pas d'heure trop tôt ou trop tard pour s'occuper de nos problèmes, il est également d'une grande aide pour le comité de l'école dans la gérance de notre école.*** *Je tiens également* ***à féliciter tous les membres du bureau et du comité du Synecosport*** *pour leur engagement, que ce soit au niveau du budget, du PDS, de l'organisation scolaire et de tous les autres projets, ils nous soutiennent avec beaucoup de clairvoyance et de compréhension pour nos élèves.* ***Merci Martine, Pit, Steve, Jérôme et Paul*** *vous êtes toujours là pour nous et nous pouvons compter à cent pour cent sur le personnel du Synecosport.*

***Un autre remerciement va à l'équipe dirigeante de la Maison Relais et à tout le personnel de la structure d'accueil****, nous avons coopéré de manière très intensive ces derniers mois. Merci également aux représentants des parents d'élèves pour leur bonne collaboration au PDS et à l'Elvere pour la réalisation de divers projets et activités avec les enfants.*

***Au nom de l'ensemble du personnel enseignant, j'aimerais adresser un dernier remerciement à l'équipe de la direction régionale****, qui a de nouveau fourni un travail professionnel tout au long de l'année scolaire dans l'intérêt de notre école.*

***Pour terminer, je voudrais vous rappeler, chers parents, que si vous avez des questions ou des suggestions, vous devez d'abord vous adresser à l'équipe pédagogique de votre enfant****, puis à la coordination du cycle ou au comité d'école avec son président. Nous sommes toujours à l'écoute de vos préoccupations, formés au travail parental professionnel et toujours disponibles pour répondre à toutes vos questions.*

Dans cet esprit, je souhaite à vous et à vos proches, beaucoup de joie et de succès pour l'année scolaire 2024-2025.







LU



D'Equipe dirigeante Crèche a Maison Relais Renert
Carole CERQUEIRA, Diana GLIEBE, Janine FELTES.

Léif Eltere,
léif Kanner,
léif Alleguerten,

E weidert Joer an eiser Crèche a Maison Relais geet op en Enn, a **mir wëllen dëse Moment notze fir zesummen op déi lescht Méint zeréck ze kucken a Merci ze soen.** Fir eis war et e Joer voller Freed a spannend a léierräich Momenter aus deene mir esou wéi d'Kanner wäertvoll Erfarunge kënne mathuelen.


Stänneg wuesse mir weider an duerfir konnte mir och eng Rei nei Leit bei eis an der Equipe begréissen.
**Net just eis Equippe goufen opgestockt, mee och am Bureau krute mir Verstäerkung duerch d'Carole CERQUEIRA.**
Als Equipe dirigeante si mir fir eng Zukunft vu weiderem Wuesstem mat garantéierter Qualitéit gutt opgestallt.

Och 2023–2024, war e Joer mat ganz villen Aktivitéiten a Projeten, déi mir fir d'Kanner konnten „en place" setzen. Hei hannendru fannt Dir e puer Beispiller:

- Projet Fair-Kampf zesumme mat infoMann-act Together asbl,
- Projet intergenerationell mam Haaptmann's Schlass vu Berbuerg,
- Iwwernuechtung „am Kessel" mam C.4.2.,
- de Caritas Jeunes et Familles Event zu Rued-Sir,
- e Mario-Kart Turnéier mat der Maison Relais vu Betzder,
- de Kannercomité,
- d'Hausreegele weider ausgeschafft mam Thema Respekt,
- Iwwernuechtung an der Summervakanz an der Maison Relais,
- eng Woch Mini-Berbuerg an der Summervakanz,
- Besuch vum Bibliobus fir eis Kanner aus der Crèche an aus dem Precocegrupp,
- Workshop „Premier Secours" fir d'Kanner vum C.4.2. mam Besuch vun der Ambulanz zum Schluss.

Net just eis zwee grouss Fester, Wanter- a Summerfest waren e grousse Success, mee mir konnten och nach d'Crèche-Fest am Mee 2024 op d'Bee stellen.
**E grousse Merci geet un eis Kanner, virun Allem un eis engagéiert Kanner aus dem Kannercomité, an un eist ganzt Personal, all Mataarbechterinnen a Mataarbechter, déi sech ëmmer ganz vill Méi ginn, fir esou flott Fester kënnen ze organiséiere.**

Mir sinn houfreg op dat, wat mir zesummen erreecht hunn a si frou d'Entwécklung vun de Kanner ze begleeden an ze ënnerstëtzen. Mat all Aktivitéit, all Projet an all Ausfluch, fërdere mir d'Kompetenze vun de Kanner.
**Och fir déi nächst Rentrée, setze mir d'Kand a seng Entwécklung an de Mëttelpunkt a „bauen" zesummen d'Zukunft.**



FR

Elleng wier et eis net méiglech, esou en erfollegräicht Joer ze erliewen, dofir wëlle mir Merci soen:

**Merci, léif Eltere,** fir Äert Vertrauen, Ënnerstëtzung an Zesummenaarbecht am leschte Joer. **Besonnesch, déi verstäerkt Zesummenaarbecht mat der Elterevereenegung ELVERE** huet eis wäertvoll Iddie bruecht an zum géigesäitege Verständnis bäigedroe.

**E grousse Merci geet un eisen Träger, Caritas Jeunes et Familles.** Mir soen hinne Merci, dass si eis och op alleSäiten tatkräfteg ënnerstëtzen.

**Merci un all Verantwortlech vun de Gemenge Manternach a Bech, besonnesch un d'Buergermeeschteren, den Här Jempi Hoffmann an d'Madamm Jill Goeres.** D'Ënnerstëtzung an dat zur Verfügung stelle vun den néidege Ressourcen, de Wëlle fir eis do an zu all Moment zougänglech ze sinn, gëtt eis Sécherheet a Motivatioun an erméiglecht eis professionell ze schaffen.

**Merci un dat ganzt Schoulpersonal mat virop hirem President, dem Här Gilles Irthum.** Mir si frou, datt mir vun sou enger enker Zesummenaarbecht kënne profitéieren an d'Schoul bei villen Aktivitéiten an Sortië kënne begleeden. Eise reegelméissege, professionellen Austausch an eis gutt Zesummenaarbecht ass eppes Besonneches, un deem mir weiderhi wëlle festhale.

**Och der Schoulkommissioun e grousse Merci fir de wäertvollen Austausch.**

**Merci un eise Service Technique hei um Site, den Häre Steve Lahr a Jérôme Loetsch**. Dir suergt fir e séchert Ëmfeld an datt alles gutt leeft!

**E grousse Merci un eist Kichepersonal,** dat eis all Dagmat vill Motivatioun an Organisatioun e frësche Menu kacht.

**E leschte Merci an ausdrécklече Luef geet un eis pädagogescht Personal, un eis Equippen.** Hiert Engagement, hir Kreativitéit a Professionalitéit maachen eis Crèche a Maison Relais zu enger besonnescher Plaz, wou d'Kanner sech wuel a sécher kënne fillen. Är Aarbecht mat de Kanner ass wäertvoll a verdéngt déi héichst Unerkennung!

Mir freeën eis op e weidert Schouljoer 2024–2025 mat Iech a si bereet fir vill spannend Momenter, flott Erfarungen an nei Erausfuerderungen.





Joa BAUM
Direkter vun der Grondschoul
Direktioun 10

Léif Kanner, léif Elteren,
léift Léierpersonal, léif Allegeurten

**Et ass mir eng grouss Freed, Iech all am neie Schouljoer 2024–2025 wëllkommen ze heeschen.**

Dat vergaangent Schouljoer 2023–2024 war gepräägt vun aussergewéinleche Leeschtungen a ville spezielle Momenter. **E grousse Merci gëllt all de Schüler fir hiren Asaz an hiren Äifer, déi d'Schoul „Renert" zu enger lieweger Plaz vum Wëssen an der Kreativitéit gemaach hunn. Äre Virwëtz an är Bereetschaft, ëmmer erëm Neies ze léieren an Erausfuerderungen unzehuelen, sinn inspiréierend.**
E grousse Merci geet och un d'Elteren, déi hir Kanner onermiddlech ënnerstëtzt an hinnen e stabilt Fundament fir hire Bildungswee ginn hunn. Är enk Zesummenaarbecht mat der Schoul an Ären Asaz bei de schouleschen Aktivitéite sinn immens wichteg an droen zum wesentlechen Erfolleg vun eiser Gemeinschaft bäi.
**Besonnesch ervirhiewe wëll ech dat onermiddlecht Engagement vun eisem Léierpersonal.** Dir hutt mat Leidenschaft an Higab enseignéiert, Vertrauen opgebaut an d'Kanner mat hiren Talenter geférdert. Är Aarbecht ass vu groussem Wäert a prägt nohalteg d'Zukunft vun eise Kanner.

**Fir dat kommend Schouljoer wënschen ech eis all vill Erfolleg.** Léiert weiderhi mat Begeeschterung an Entschlossenheet a gitt ären Ziler no. Notzt d'Chancen, déi sech bidden, fir är Fäegkeeten ze entwéckelen an är Dreem ze verwierklechen. En neit Schouljoer bréngt ëmmer d'Geleeënheet mat sech, nei Ziler ze setzen, Erausfuerderungen unzehuelen an zesummen ze wuessen. Mir sti virun engem Joer voller spannender Méiglechkeeten a Chancë fir ze léieren an ze entdecken.
**Ech si mer sécher, datt mir duerch déi aktiv Zesummenaarbecht vun allen Acteuren d'Qualitéit vum Unterrecht weider stäerken an eis gesaten Ziler erreeche kënnen.**

Op e spannend a léierräicht Schouljoer 2024–2025!

Chers enfants, chers parents,
Cher personnel enseignant, chers tous,

***Je suis ravi de vous souhaiter une belle rentrée scolaire 2024–2025.***

*L'année scolaire passée a été marquée par des réalisations exceptionnelles et de nombreux moments spéciaux.* ***Un grand merci à tous les élèves pour leur engagement et leur enthousiasme, qui ont fait de l'école « Renert » un lieu vivant de savoir et de créativité. Votre curiosité et votre volonté d'apprendre constamment et de relever des défis sont inspirantes.***
*Je tiens également à* ***remercier les parents*** *qui ont soutenu leurs enfants sans relâche et leur ont fourni une base solide pour leur parcours éducatif. Votre collaboration avec l'école et votre implication dans les activités scolaires sont extrêmement importantes et contribuent au succès de notre communauté.*
***Je tiens aussi à souligner l'engagement infatigable de notre personnel enseignant.*** *Vous avez enseigné avec passion et dévouement, instauré la confiance et encouragé les enfants à développer leurs talents.* ***Votre travail est d'une grande valeur et contribue durablement à l'avenir de nos enfants.***

***Je vous souhaite beaucoup de succès pour la prochaine année scolaire.*** *Veuillez continuer à apprendre avec enthousiasme et détermination, et à poursuivre vos objectifs. Profitez des opportunités qui se présentent pour améliorer vos compétences et réaliser vos rêves. Une nouvelle année scolaire est toujours l'occasion de mettre en place de nouveaux objectifs, de relever des défis et de grandir ensemble. Nous sommes à la fin d'une année qui nous offre de nombreuses opportunités passionnantes et de chances d'apprendre et de découvrir.*

***Je suis persuadé que, grâce à la collaboration active de tous les acteurs, nous pourrons renforcer la qualité de l'enseignement et atteindre les objectifs que nous nous sommes fixés.***

À une année scolaire 2024–2025 passionnante et riche en apprentissages !

### Infrastructures

- 01. Maison Relais
- 02. Hall Sportif
- 03. Précoce / École C1 - C2
- 04. École C3 - C4
- 05. Centre Beaurepaire

### Parking & Quais

- 06. Parking pour personnes à mobilité réduite
- 07. Parking Maison Relais
- 08. Parking Public
- 09. Quais de bus
- 10. Parking pour les enseignants

### Zones

- 11. Kiss & Go
- 12. Zone réservée pompiers
- 13. Zone réservée aux élèves/enseignants
- 14. Passage sécurisé





# Elterevertrieder

## Représentants des parents

Folgend Persoune si fir dräi Joer gewielt ginn:
Les personnes suivantes ont été élues pour une période de trois années :



Stéphanie RODRIGUES




Myriam OTH



Alain CRAIGHERO



Gaston GENGLER



Anja BICHELER

### D'Elterevertrieder hu folgend Aufgaben an Aktivitéiten:

- D'Elterevertrieder stinn allen Elteren, déi eng Ufro maachen, mat Rot an Ënnerstëtzung zur Säit.
- Si setze sech a fir d'Zesummeliewen an d'Sécherheet vun alle Kanner aus der Grondschoul nach besser ze gestalten.
- D'Elterevertrieder schaffe mam Schoulkommitee zesummen a ginn hier Meenung zum Schoulentwécklungsplang, zur Schoulorganisatioun an zu anere schoulesche Froen of.

Zwee Membere vun den Elterevertrieder sinn och an der Schoulkommissioun vum Synecosport vertrueden.

### Les représentants des parents d'élèves ont pour objet et missions :

- *Les représentants des parents d'élèves écoutent et renseignent tous les parents qui en font la demande.*
- *Ils s'engagent pour améliorer d'avantage la vie scolaire et la sécurité de tous les enfants de l'école fondamentale.*
- *Les représentants des parents s'échangent avec le comité d'école et donnent leur avis sur le plan de développement scolaire, sur l'organisation scolaire ainsi que sur d'autres questions scolaires.*

*Deux représentants des parents d'élèves sont également membres dans la commission scolaire du Synecosport.*

# D'ELVERE - ELTEREVEREENEGUNG "RÉNERT" BECH/MANTERNACH

## L'ELVERE – Association des parents d'élèves "Rénert" Bech/Manternach

De Comité 2024 – 2025 setzt sech zesummen aus:
Le comité 2024 – 2025 de compose de :



Andy STEFFEN (President)



Gaston GENGLER (Vize-President)



Michael IBENDAHL (Tresorier)



Stéphanie RODRIGUES (Secrétaire)



Anne TOCKERT-MARMANN



Myriam BARTHEL-ROSSI



Michelle MATHIAS



Stéphanie EICH




Georges THILL

D'Aufgaben an Aktivitéite vun der ELVERE fannt dir op eisem site:

L'objet et les missions de l'ELVERE se trouvent sur le site :

**www.elvere.lu**



**Am Schouljoer 23/24 hu mir des Aktivitéite organiséiert oder co-organiséiert:**

**15.09.2023**
Empfang um éischte Schouldag mat Mëtsche fir all Kanner a Léierpersonal aus der Schoul an eng Schmierekëscht fir d'Kanner vum Cycle 1.1

**02.12.2023**
Besuch vum Kleeschen am Centre Beaurepaire (Co-Org.: Gemeng Manternach an ELVERE ).

**21.04.2024**
Kanner Second-Maart am Centre Beaurepaire.

**12.07.2024**
Schoulfest mat risegem Sprangschlass, Glitzertattoos, Iessen a Gedrénks, Cocktailbar etc.

**09.2023 – 07.2024**
3 Trimestere Schwammcoursen an der Schwämm zu Biwer mat 4 Course pro Woch. 70 Participante iwwer d'ganz Joer. (Co-Org.: Schwimmschule Delphin Trier, ELVERE)

**Au cours de l'année scolaire 23/24, nous avons organisé ou co-organisé les activités suivantes :**

**15.09.2023**
*Accueil au premier jour d'école avec une viennoiserie pour chaque élève et enseignant de l'école et une boîte à goûter pour les enfants du cycle 1.1*

**02.12.2023**
*Visite du St. Nicolas au Centre Beaurepaire (Co-Org. : Commune de Manternach et ELVERE).*

**21.04.2024**
*« Marché second-hand » au Centre Beaurepaire.*

**12.07.2024**
*Fête de l'école avec château gonflable géant, tatouages à paillettes, grillades et boissons, bar à cocktails etc.*

**09.2023 – 07.2024**
*3 trimestres de cours de natation avec 4 cours par semaine à la piscine de Biwer. 70 participants au cours de l'année. (Co-org.: école de natation « Delphin » de Trèves; ELVERE )*









# Nëtzlech Telefonsnummern

## Numéros utiles

| Synecosport | École fondamentale | Direction Régionale |
| --- | --- | --- |
| Martine KRIER-TURPEL<br>Secrétaire | Gilles IRTHUM<br>Président du comité d'école | Joa BAUM<br>Directeur de région Grevenmacher (DR 10) |
| 1, Schoulstrooss<br>L-6831 Berbourg | 1, Schoulstrooss<br>L-6831 Berbourg | Office Park 2 - Potaschberg<br>17, rue de Flaxweiler<br>L-6776 Grevenmacher |
| T. 71 93 63 - 817<br>E. secretariat@synecosport.lu | T. 71 93 63 - 28<br>E. gilles.irthum@education.lu | T. 24 75 59 40<br>E. secretariat.grevenmacher@men.lu |

| Maison Relais | Service Médico-Social | Intervenant Médical |
| --- | --- | --- |
| Carole CERQUEIRA & Diana GLIEBE<br>Equipe dirigeante | Jil STOFFEL<br>Assistance sociale | Ariane MARX<br>Infirmière |
| 1, Schoulstrooss<br>L-6831 Berbourg | Centre Médico-Social Grevenmacher<br>20, route du Vin<br>L-6794 Grevenmacher | Centre Médico-Social Echternach<br>56, rue A, Duchscher<br>L-6434 Echternach |
| T. 71 93 63 - 51<br>E. mr.renert@cjf.lu | T. 75 82 81 - 1 / 621 20 90 77<br>E. jil.stoffel@ligue.lu | T. 72 03 02 - 1 |

| Commission d'inclusion (CI) | Commune de Manternach | Commune de Bech |
| --- | --- | --- |
| Paule BAUM<br>Secrétaire | Secrétariat | Secrétariat |
| Office Park 2 - Potaschberg<br>17, rue de Flaxweiler<br>L-6776 Grevenmacher | 3, Kirchewee<br>L-6850 Manternach | 1, Enneschtgaass<br>L-6230 Bech |
| E. ci.grevenmacher@men.lu | T. 71 01 72 - 21<br>E. secretariat@manternach.lu | T. 79 01 68 - 20<br>E. secretariat@bech.lu |

# Centre pour le développement moteur

Mir, Psychomotoriker an Ergotherapeuten aus der Sektioun 2 vum „Centre pour le développement moteur“ (CDM), bekëmmeren eis ëm Fréierkennung vu motoreschen Defiziter a sinn do fir d'motoresch Fäegkeete bei de Kanner aus dem Cycle 1.2 ze ënnerstëtzen.

D'motoresch Fäegkeete sinn eng wichteg Viraussetzung fir de schoulmotoreschen Erausfuerderungen gewuess ze sinn.

D'Kollaboratioun mat den Elteren an dem ganze Schoulpersonal ass och e wichtegen Deel vun eisem Handele fir dem Kand eng Ënnerstëtzung ubidden ze kënnen. Nieft enger eventueller motorescher Férderung gëtt dem Kand seng Perséinlechkeetsentwécklung positiv ënnerstëtzt. Dës Ënnerstëtzung (Begleedung & Férderung) baséiert sech op d'Stäerkten an d'Interesse vum Kand.

Wéi gi mir vir?

- Info-Blat fir d'Elteren (Cycle 1.2) am Ufank vum Schouljoer.
- Observatiounen an der Schoul (Motoreschen Depistage bestoend aus 14 motoreschen Übungen).

Wat kucke mir?

- Grobmotorik (Gläichgewiicht, verschidde Koordinatiounen, ...).
- Handmotorik (schneiden, molen, pechen, ...).

Am Fall wou d'Kand kéint vun eiser präventiver Aarbecht profitéieren:

- Austausch mat den Elteren a mam Schoulpersonal.
- Mam Accord vun den Eltere proposéiere mir eng präventiv Férderung an der Motorik (individuell oder am Grupp).

Käschten?

Dëse Service gëtt finanzéiert vum „Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse“.

*Nous, psychomotriciens et ergothérapeutes de la section 2 du Centre pour le développement moteur (CDM), sommes responsables du dépistage systématique des difficultés motrices et offrons un soutien moteur aux enfants du cycle 1.2.*

*Afin de relever les défis moteurs de l'école, il est important que les compétences motrices soient appropriées à l'âge développemental.*

*La coopération avec les parents et l'ensemble du personnel de l'école constitue également une part importante de nos activités de soutien à l'enfant. En plus du soutien moteur possible, le développement de la personnalité est également influencé positivement. Notre soutien est basé sur les forces et les intérêts des enfants.*

***Comment procéder ?***

- *Fiche d'information pour les parents (cycle 1.2) au début de l'année scolaire.*
- *Observations à l'école (dépistage consistant en 14 exercices moteurs).*

***Qu'observons-nous ?***

- *Motricité globale (équilibre, coordination générale, ...).*
- *Motricité fine (couper, colorier, coller, ...).*

***En cas de soutien préventif, les étapes suivantes sont proposées :***

- *Échange avec les parents et le personnel de l'école.*
- *Avec le consentement des parents, nous proposons un soutien moteur préventif (individuel ou en groupe).*

***Quels sont les coûts ?***

*Notre offre est financée par le « Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse » et elle est donc gratuite.*

Centre pour le développement moteur

1, place Thomas Edison
L-1483 STRASSEN

T. 44 65 65-1
www.cc-cdm.lu



# Info betreffend dem Gebrauch vun Handy & Smartwatch

## Information concernant l'utilisation du portable et de la smartwatch

**!!**

Léif Elteren,

- ***Den Handy an d'Smartwatch bleiwen doheem oder komplett ausgeschalt am Schoulsak.***
- ***Bild- an Tounopnamen si wärend der Schoulzäit a wärend dem Schoultransport strikt verbueden.***

Villmools Merci fir Äert Versteesdemech an Är Mataarbecht.
D'Léierpersonal aus der Grondschoul Renert Berbuerg

*Chers parents,*

- ***Le portable et la smartwatch doivent rester à la maison ou être complètement éteints dans le cartable.***
- ***Les enregistrements audio et visuels sont strictement interdits pendant les heures de cours et pendant le transport scolaire.***

*Merci pour votre compréhension et votre collaboration.*
*Le personnel enseignant de l'École fondamentale Renert Berbourg*










# SERVICE "KRANK KANNER DOHEEM"

## Gardes d'enfants malades a domicile

Objektive:
**Der „Service Krank Kanner“ bietet eine individuelle Betreuung von kranken Kindern zu Hause an. Diese Dienstleistung ermöglicht es den Eltern ihre berufliche Aktivität weiter zu führen, während die Kinder in ihrer gewohnten Umgebung genesen können. Anfragen von Alleinerziehenden werden vorrangig behandelt.**

Tarife:
Das **monatliche besteuerbare Einkommen des Haushaltes gilt als Berechnungsgrundlage** für die Unkostenbeteiligung der Kinderbetreuung. Bei Alleinerziehenden wird eine, von der Gemeinde auszustellende, erweiterte Wohnsitzbescheinigung benötigt.

Die **Unkosten für Parking und Fahrzeit** der Betreuerin werden zusätzlich in Rechnung gestellt mit:
**½ Stunde** Fahrtkosten für die Stadt Luxemburg
**1 Stunde** Fahrtkosten für alle anderen Gemeinden des Großherzogtums

Betreuungen:
Die Betreuungen finden von **Montag bis Freitag zwischen 07:00 und 19:00 Uhr** statt. **Die Betreuungszeit pro Tag darf 9 Stunden nicht überschreiten. Ab dem zweiten Betreuungstag ist ein ärztliches Attest erforderlich.** Alle Mitarbeiterinnen vom „Service Krank Kanner Doheem“ haben eine Ausbildung im sozio-familiären Bereich und nehmen regelmäßig an internen Weiterbildungskursen teil.

Für zusätzliche Informationen:
T. 48 07 79

| | |
|---|---|
| **Montag - Donnerstag:** | 07:00 bis 12:00 |
| | 14:00 bis 18:00 |
| **Freitag:** | 07:00 bis 12:00 |
| **Anrufbeantworter:** | 18:00 bis 07:00 am nachfolgenden Tag |

An Wochenenden und Feiertagen ist der Dienst geschlossen. (Anrufbeantworter).

Um die Organisation der Betreuungen zu vereinfachen, füllen Sie bitte das Anmeldeformular im Voraus aus, den Sie auf der Website finden: www.skkd.lu/inscription
Die Anfrage einer Betreuung erfolgt telefonisch.

Frédérique KOEDINGER
Verantwortliche der Dienststelle
Service Krank Kanner Doheem

*L'objectif :*
***Le « Service Krank Kanner Doheem » offre une garde individuelle à domicile pour enfants malades. Ceci permet aux parents de poursuivre leur activité professionnelle et aux enfants de se rétablir dans les meilleures conditions et dans leur milieu familial. Les demandes de familles monoparentales sont considérées en priorité.***

*Les tarifs :*
*Le **revenu imposable du ménage sera pris comme base de calcul** pour la participation aux frais de garde. Pour les familles monoparentales le certificat de résidence élargi, établi par la commune est indispensable.*

*Les **frais de parking et de trajet** sont à charge des parents :*
***½ heure** de déplacement pour la ville de Luxembourg*
***1 heure** de déplacement pour toutes les autres communes du Grand-Duché*

*Les gardes :*
*Les gardes ont lieu de **lundi à vendredi entre 07h00 et 19h00 heures.***
***La durée d'une garde ne peut pas dépasser 9 heures de suite.***
***Une visite médicale est indiquée au 2ième jour de la garde.** Toutes les collaboratrices du « Service Krank Kanner Doheem » ont une formation dans le domaine socio-familial et participent régulièrement aux formations internes.*

*Pour tous renseignements supplémentaires :*
*T. 48 07 79*

| | |
|---|---|
| ***Lundi - jeudi :*** | *07h00 à 12h00* |
| | *14h00 à 18h00* |
| ***Vendredi :*** | *07h00 à 12h00* |
| ***Répondeur :*** | *18h00 heures jusqu'au lendemain 07h00* |

*Le service est fermé les weekends et jours fériés. (Répondeur)*

*L'inscription au « Service Krank Kanner Doheem » se fait par Fiche d'inscription qui se trouve en ligne sur le site : www.skkd.lu/inscription*
*Pour faciliter l'organisation des gardes, il est préférable de téléphoner.*

*Frédérique KOEDINGER*
*Responsable*
*Service Krank Kanner Doheem*

95, rue de Bonnevoie
L-1260 Luxembourg
T. 48 07 79
E. skkd@fed.lu

*Le « Service Krank Kanner Doheem » (SKKD) est un service de « Femmes en détresse a.s.b.l. »*

DE





Carole CERQUEIRA & Diana GLIEBE
Equipe dirigeante

Unsere Crèche und Maison Relais Renert befinden sich seit dem Jahr 2009 in unserem Gebäude am Rande des großen Schul- und Freizeitkomplexes in Berbourg.

Idyllisch im Grünen gelegen sind die Wege kurz und die Möglichkeiten vielfältig, die das Gemeindesyndikat SYNECOSPORT bzw. die Gemeinde Manternach hier unterhalten.

Außer der Précoce, der Spillschoul und der Ecole fondamentale haben wir auch das Glück vor Ort das Centre Beaurepaire, die Turnhalle, einen großen Kinderspielplatz und einen Kunstrasenfußballplatz zu haben. Der Weg über Wiesen und Felder in die nahen gelegenen Wälder ist schnell zu bewältigen.
Durch das große Berburger Fußballstadion und ausreichend Parkplatzmöglichkeiten ist hier immer viel los und dies durch attraktive Angebote der Gemeinde auch am Wochenende.
LASEP, Musikkurse, Basketball, Fußball sind nur einige der zahlreichen Angebote, die von den Kindern nicht nur während der Schulzeit wahrgenommen werden können, so dass es kein Wunder ist, wenn wir von einigen nur mittags zum Essen besucht werden.

Wir bieten schon den Kleinsten in unserer Crèche und den Schulkindern attraktiv ausgestattete Räume an, die für die Umsetzung unseres pädagogischen Konzeptes und unseres Auftrages ideal sind.

Der Freiraum wird für die Crèchekinder durch einen großen, hauseigenen Spielplatz ergänzt, der ständig auf dem neuesten Stand gehalten wird. Sowohl der Crèche wie auch der Maison Relais stehen zwei große Terrassen zur Verfügung, die nicht nur im Sommer ausgiebig genutzt werden; für die älteren Kinder zusätzlich eine Spielwiese und ein befestigter Hof hinter dem Haus.

